# HIGHLIGHTS VUM FEBRUAR 02

radio 100,7 25 joer



## THEMA VUM MOUNT
## GROUSS BOTZ – HYGIÈNE A PROPRETÉIT

02/2019

www.100komma7.lu




# INHALTSVERZEECHNES

**THEMA VUM MOUNT:**
**GROUSS BOTZ – HYGIÈNE A PROPRETÉIT** ........ Säit 4
D'Geschicht vun der Hygiène am Gesondheetswiesen ........ Säit 6
Een Thema – ee Buch ........ Säit 7

**WEIDER HIGHLIGHTS**
Komponist vum Mount: Karl Jenkins ........ Säit 8
Sozialwahlen ........ Säit 9
Reen a Bou – Op Schratt an Tratt mam Wieder ........ Säit 10
Grouss Monarchien ........ Säit 11
Post vum Christiane ........ Säit 12

**LIVE MATSCHNËTTER UM RADIO 100,7**
Soirée Philharmonique ........ Säit 13
Concert Euroradio ........ Säit 13

**GEWANNT CONCERTS- A KINOSTICKETEN** ........ Säit 14

**WOCHENIWWERBLÉCK** ........ Säit 16



Grouss Monarchien, dënschdes um 11:10. Hei d'Monarchie vun de Staufer mam Keeser Friedrich I. (Barbarossa) a senge Jongen, dem Kinnik Henri VI. an dem Herzog Friedrich VI. Illustratioun aus der Chronique des Guelfes, 1179-1191

**Impressum**

**Editeur:** Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle, Établissement Public
**Oplo:** 12.000 **10 x am Joer gratis verschéckt vum:** radio 100,7 | 21a, av. J.F. Kennedy | L-1855 Lëtzebuerg | Postkëscht 1833 | L-1018 Lëtzebuerg **Tel.:** 44 00 44-1 **E-Mail:** info@100komma7.lu
**Grafik:** Vidale-Gloesener **Drock:** rekaprint+

**Follow us on Facebook:** www.facebook.com/100komma7
**Twitter:** @100komma7

Programmännerunge si méiglech.

# THEMA VUM MOUNT

## GROUSS BOTZ – HYGIÈNE A PROPRETÉIT

Kuerz virum Enn vum Wanter denkt de radio 100,7 schonn un d'Fréijoer an antizipéiert d'Fréijoersbotz am Thema vum Mount. De ganze Februar steet eise Programm am Zeeche vun der Hygiène an der Propretéit a mir maache méi, wéi just eng Fënster opzerappen.

Et geet ëm d'Entwécklungen an dësem Beräich an dat op allen Niveauen. Mir interesséieren eis am Laf vum Mount fir déi grouss Meilesteng am Developpement vun der Hygiène am medezinesche Beräich. Mir stellen och d'Fro, ob d'Hygiène an de Spideeler, mat Hibléck op multiresistent Keimer, an Zukunft nach ka garantéiert ginn.

Mir kucken, ob en Doheem ouni Dreck a Bazillen en Afloss op d'Unzuel vun de Leit huet, déi ënner Allergië leiden a begleeden de Service d'hygiène vun enger Gemeng, interesséieren eis dofir, wéi eist Drénkwaasser propper gehale gëtt a kucke mat der Inspection sanitaire an d'Kichen an hanner d'Comptoire vun der Horesca.

Grouss Botz – Hygiène a Propretéit, d'Thema vum Mount Februar um radio 100,7.

radio 100,7 25 joer






## GROUSS BOTZ – HYGIÈNE A PROPRETÉIT

1

**2.2.** — **Eng hygienesch Instanz: De Staatslabo**

um 9:40 — Bal ausgerotte Krankheeten um Wee zeréck? Gefor vu multiresistente Keimer an d'Fro no der Impfmiddegkeet zu Lëtzebuerg.

**4.2.** — **Hygiène an der Gastronomie: D'Inspection sanitaire**

um 09:40 an 13:15 — Wéi eng Oploe muss ee Betrib erfëllen? Wéi ginn dës kontrolléiert a wéi propper ass et wierklech an der Lëtzebuerger Gastronomie?

**9.2.** — **Hygiène am wäitste Sënn**

um 9:40 — Wat sinn Hygiène politique, Hygiène au travail, Hygiène mentale an Hygiène de vie?

**11.2.** — **Kierperhygiène fréier an haut**

um 09:40 an 13:15 — Ass déi deeglech Dusch néideg a wat erwaart eis a punkto Kierperhygiène an Zukunft?

**16.2.** — **Grouss Botz – Kampf de Mikroben**

um 9:40 — Wéi botzt ee richteg? Wat sinn déi heefegst Feeler, a kann een och ze vill botzen?

**18.2.** — **Ënnerwee fir d'Propretéit**

um 09:40 an 13:15 — De Service d'hygiène vun enger Gemeng huet vill Aufgaben: Propretéit vu Poubellen, Kanäl, vum ëffentleche Raum, der Natur an de Stroossen.

**25.2.** — **Propper Liewensmëttel um Beispill vum Waasser**

um 09:40 an 13:15 — Streng kontrolléiert Drénkwaasser: Kann d'Versuergung mat propperem Waasser an Zukunft garantéiert ginn?



*De Louis Pasteur a sengem Labo, A. Edelfeldt, 1885*

# D'GESCHICHT VUN DER HYGIÈNE AM GESONDHEETSWIESEN

**Mëttwochs**


um 09:40 an 13:15

D'Verbesserung vun der Hygiène an de Spideeler huet zu allen Zäiten ëmmer nees zu revolutionäre Resultater gefouert, sou datt manner Mënsche krank goufen oder gestuerwe sinn.

Et ware grouss Dokteren, déi d'Spidolshygiène markéiert hunn: Ignaz Semmelweis, Robert Koch, Louis Pasteur bis bei den Alexander Fleming.


Dat zentraalt Zil vun der Spidolshygiène ass d'Lutte géint Krankheetserreger, virun allem sougenannt nosokomial Infektioune mat dacks multiresistente Krankheetserreger. Hautdesdaags sollt et eng absolut Selbstverständlechkeet sinn, sech un d'Basisreegele vun der Spidolshygiène ze halen an dofir ass et wichteg, dës Reegelen ëmmer nees ze widderhuelen an opzefrëschen.

Am Kader vum Thema vum Mount um radio 100,7 retracéiert de Jean Claude Majerus déi wichteg Geschicht vun der Spidolshygiène.



D'Bakterië Vibrio cholerae, déi d'Krankheet Cholera ausléisen a sech iwwer contaminéiert Waasser iwwerdroen.






# EEN THEMA – EE BUCH

D'Valerija Berdi an de Michel Delage presentéieren ëmmer méindes um 11:10 e Buch passend zum Thema vum Mount. Dës Kéier: Hygiène a Propretéit.

D'Gesondheet vum Mënsch hänkt net eleng vun engem proppere Ëmfeld of: Eis Virstellungen a punkto Hygiène goufen eréischt no an no am 19. Joerhonnert entwéckelt, ënner anerem duerch nei Forme vu gesellschaftlecher Organisatioun an duerch de wëssenschaftleche Fortschrëtt.

**4.2.** — **Jules Verne, *Les Cinq cents millions de la Bégum*, 1879**

um 11:10 — En utopesch-dystopesche Roman iwwer déi hygienesch Theorien aus dem Verne senger Zäit.

**11.2.** — **Louis-Ferdinand Céline, *La Vie et l'œuvre de Philippe Ignace Semmelweis*, 1924**

um 11:10 — Eng Dokterthees iwwer ee Chirurg, deen d'Kandbettféiwer mat einfache Mëttelen drastesch reduzéiere konnt.

**18.2.** — **Brian Lewis, *Lord Leverhulme, Soap and Civilisation*, 2009**

um 11:10 — Eng Biografie iwwer den Opbau vun engem Seefenimperium an d'Ausbeutung vu Mënschen am fréiere belsche Kongo.

**25.2.** — **Ulrike Moser, *Schwindsucht. Eine andere deutsche Gesellschaftsgeschichte*, 2018**

um 11:10 — Eng Historikerin ënnersicht falsch Virstellunge vun der Tuberkulos.

# WEIDER HIGHLIGHTS



## KOMPONIST
### VUM MOUNT


4

**Karl Jenkins**

Als Jazz- a Rockmuseker huet hien ugefaangen, haut ass hien ee vun den am meeschte gespillte klassesche Komponisten, déi nach liewen. De Karl Jenkins huet all d'Facettë vun der Musek erlieft, wat seng Musek esou räich an eemoleg mécht. De walisesche Komponist gehéiert zu deene ville Museker, déi sech hautdesdaags net méi einfach an ee Fach, e Stil oder eng Richtung stieche loossen. Sou begeeschtert den Jenkins duerch seng Musek e vill méi grousse Public, schléit Bräcken a schaaft Verbindungen tëschent Gregorianik, Renaissance an neie sphäresche Kläng, oder e setzt klassesch Formen nei ëm.

| | |
|---|---|
| **6.2.** um 11:10 | **Jazzrocker: Nucleus a Softmachine** |
| **13.2.** um 11:10 | **Adiemus** |
| **20.2.** um 11:10 | **The Armed Man – a Mass for Peace** |
| **27.2.** um 11:10 | **De Karl Jenkins Music Award** |





5


## SOZIALWAHLEN


Am Mäerz si Sozialwahlen. An de ronn 3.500 Betriber, an deene méi wéi 15 Leit schaffen, ass d'Personal den 12. Mäerz opgeruff, seng Delegatioun ze wielen, vun där et dann an den nächste 5 Joer vertruede gëtt.

Och d'Salariatskammer gëtt, per Bréifwahl, nei gewielt: 60 Memberen a 60 Suppleante mussen hei bestëmmt ginn. An der Course sinn 264 Kandidate vun de Gewerkschaften OGBL, LCGB, Aleba, FGFC, Landesverband a Syprolux. Wahlberechtegt si 526.476 Salariéen a Pensionéierter – och Frontaliere stëmme mat of.

De radio 100,7 begleet d'Sozialwahle mat Interviewen, Analysen a Reportagen. Beliicht ginn déi grouss Defie fir d'Aarbechtswelt an d'Alldagsrealitéit an de verschiddene Beruffer. Mir proposéieren Iech de ganze Februar an ufangs Mäerz Debaten, Face-à-Facen an eng Serie iwwer verschidde Beruffer, fir déi et wichteg ass, eng Personalvertriedung ze hunn.

All d'Bäiträg fannt Dir och an eiser App an op 100komma7.lu am Dossier *Sozialwahlen 2019*.





# REEN A BOU – OP SCHRATT AN TRATT MAM WIEDER

**Freides**


um 09:40 an 13:15

2018 war, wéi och schonn déi Jore virdrunner, dacks aussergewéinlech a punkto Meteo. Uerg Iwwerschwemmungen ausgeléist vu Schloreen am Juni, eng grouss Dréchent iwwer Méint ewech a summerlech Temperature bis wäit an den Oktober weisen, datt esou munches beim Wieder aus der Rei leeft.

Net just Lëtzebuerg ass vun dëse Changementer betraff, mee weltwäit an op alle Kontinenter schéngt d'Wieder ëmmer méi verréckt ze spillen.

Firwat ass dat esou? Wéi entstinn Donnerwieder iwwerhaapt? Mat wéi enge Wiederextremer gouf Lëtzebuerg scho konfrontéiert? Wéi eng Konsequenze wäert de Klimachangement op de Grand-Duché hunn a wéi sollen a kënne mir eis am Fall vun extreme Wiederkapriole verhalen?

Äntwerten op dës Froen an Analyse vu meteorologeschen Evenementer, esou wéi Erklärungen zu Wiederphenomener liwwert eis vun dësem Mount un de Grënner a Bedreiwer vum private Wiedersite *Meteo Boulaide*, de Philippe Ernzer, an dat all zwou Wochen an der Wiederrubrik *Reen a Bou – Op Schratt an Tratt mam Wieder*, freides um 09:40 an 13:15.







D'Famill Romanov, déi lescht Keeserfamill vu Russland mam Zar Nicolas II, Boasson and Eggler, St. Petersburg, 1914

# GROUSS MONARCHIEN

**Dënschdes**

um 11:10

Virum Éischte Weltkrich souz an Däitschland de Wilhelm II um Troun an a Russland huet den Nikolaus II regéiert. A kengem vun dësen zwee Länner gouf et nom Enn vum grousse Krich nach e Monarch. Op verschiddene Plazen an Europa huet sech d'Monarchie trotzdem gehalen: ëmmerhi ginn et haut op dësem Gebitt nach siwe Kinnekshaiser, dräi Fürstentemer an ee Grand-duché.

Mee d'Monarchie huet an de leschten honnert Joer vill vun hirem Afloss verluer. Wéi koum et zu deem Muechtverloscht? Wat waren déi politesch oder sozial Evenementer, déi dat ausgeléist hunn a firwat sinn a verschiddene Länner d'Kinnekshaiser ganz verschwonnen, während se an aneren och haut nach präsent sinn? Wat fir Verännerungen hu se missen a Kaf huele fir dat ze bleiwen, wat se mol waren?

An dëser neier Serie stellt d'Martine Reuter eenzel Dynastië vir, wéist wéi se hire Muechtusproch ëmmer weider ausbaue konnten, bis duerch Krich, Opstand oder Revolutioun d'Kaarten nei gemëscht goufen.





Wilhelm II. a Franz Ferdinand I.
Lénks: Wope vum Grand-Duc Henri © Sodacan



Portrait vun der Kréinung vun der Elizabeth II, 1953, C. Beaton



# POST VUM CHRISTIANE

**23.2.**
um 09:40

D'Christiane Walerich ass ee Joer laang queesch iwwer de Globus ënnerwee a probéiert an Australien, Neuseeland, Japan, den USA, Brasilien a Südafrika méi iwwer déi lokal Forme vun Agrikultur gewuer ze ginn. Dobäi sammelt d'Christiane Andréck vum Liewe vun de Baueren an der Landbevëlkerung vun deene Länner, wou si grad ënnerwee ass.

Iwwerall op der Welt stinn d'Bauere virun deene selwechten Erausfuerderungen: Buedemerosioun, Fertilitéitsverloscht vun de Biedem, Waassermanktem an de Klimawandel am Groussen a Ganze suergen dofir, datt d'Aarbecht op de Felder alles, mee net méi einfach gëtt.

Wéi gesinn d'Léisungen aus, déi d'Baueren – awer och déi lokal Autoritéiten – fir dës Erausfuerderunge virschloen? A wat sinn d'Defien, fir an noer Zukunft kënne bis zu 10 Milliarde Mënschen ze ernieren?

Eemol de Mount mellt d'Christiane Walerich sech mat genee deene Sujete bei eis um Radio. No engem éischte Reportage aus Down Under am Januar, steet Australien och am Februar nees am Fokus vum Christiane senger Post.





# LIVE MATSCHNËTTER UM RADIO 100,7

## Soirée Philharmonique

**6.2.** **Hommage à Robert Schumann**
um 20:00 Live-Matschnëtt vun engem Concert mat de Solistes Européens, Luxembourg.

**13.2.** **Concert mam OPL vum 9.1.2019 an der Philharmonie**
um 20:00 De Lawrence Foster dirigéiert Wierker vu Johann a Richard Strauss. Solist um Piano ass de Rudolf Buchbinder.

**20.2.** **Visiting Spain**
um 20:00 Live-Matschnëtt vum 20.1.2019 an der Philharmonie mam Orchestre de Chambre du Luxembourg. Um Programm sti Wierker vun Hernández, Rodrigo, Turina a Bizet.

**27.2.** **Den Heinz Holliger dirigéiert Heinz Holliger**
um 20:00 Concert mam Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg. Solist op der Gei ass den Thomas Zehetmair.

## Concert Euroradio


Bréch mat Traditiounen an der Museksgeschicht – De Ludwig van Beethoven an d'Symphonie, de Richard Wagner an d'Oper, amerikanesch Komponisten an de klassikfäegen Jazz, den Alexander Skrjabin a Kläng a Faarwen.

**7.2.** **Dem Ludwig van Beethoven seng 6. Symphonie**
um 20:00 Pastorale vum Berner Symphonieorchester.

**14.2.** **De Skrjabin an d'Faarf**
um 20:00 Récital mam Pianist Eduardo Fernandez.

**21.2.** **Let me entertain you**
um 20:00 De WDR-Orchester mat Wierker vu George Gershwin a Leonard Bernstein.

**28.2.** **Beethoven a Widmann**
um 20:00 D'NDR-Radiophilharmonie ënner der Leedung vum Andrew Manze.


13.2. Rudolf Buchbinder © radio 100,7

# GEWANNT CONCERTS- A KINOSTICKETEN

Schéckt eis eng E-Mail mat der gewënschter Virstellung op **kino@100komma7.lu** oder rufft un um **44 00 44 800. D'Gewënner ginn ausgeloust.**

## COUP DE CŒUR — If beale street could talk



**Regie:** Barry Jenkins
**Mam:** KiKi Layne, Stephan James, Regina King
Drama | USA | 101'
**Sortie den 13. Februar an de Säll vum Grupp Kinepolis**

Eng Love Story tëschent zwee jonken Afro-Amerikaner – bis de Mann beschëllegt gëtt e Meedche vergewaltegt ze hunn. Adaptatioun vum Buch mam selwechten Titel (1974) vum James Baldwin, engem aflossräichen afro-amerikaneschen Auteur a Verfechter vun der Civil Rights Beweegung.

## COUP DE CŒUR — Birds of passage



**Regie:** Ciro Guerra, Cristina Gallego
**Mam:** Carmina Martinez, José Acosta, Jhon Narvaez
Drama, Thriller | Kolumbien, Dänemark, Mexiko | 120'
**Sortie den 20. Februar an de Säll vum Grupp Kinepolis**

Kolumbien '68. Éischter zoufälleg rëtscht e jonke Mann vum Stamm vun de Wayuu an den Drogemilieu. Net als Konsument, mee als Marihuana-Fournisseur. E Bléck op déi traditionell Liewensformen a Südamerika a wéi den Drogenhandel dës Strukturen opgebrach an deels zerstéiert huet.



Shakespeare (*Cobbe Portrait*), 1610, onbekannte Kënschtler

### 14.2. Comédie française
Donneschdeg, 20:15 am Utopia um Lampertsbierg
**La Nuit des Rois**
Text: William Shakespeare
Inzeenéierung: Thomas Ostermeier



*La Fille du Régiment* © Marty Sohl/Met Opera

### 2.3. MET Live
Samschdeg, 18:55 am Kinepolis um Kierchbierg
**La Fille du Régiment**
Musek: Gaetano Donizetti
Inzeenéierung: Laurent Pelly



PHILHARMONIE

Schéckt eis eng E-Mail mam gewënschte Concert op **philharmonie@100komma7.lu** oder rufft un um **44 00 44 800. D'Gewënner ginn ausgeloust.**



Phil Minton Quartet

### 8.2. On the border
Freideg, 21:00
**Phil Minton Quartet**
résonances After the concert
Artist talk: Phil Minton (E)



Anaïs Gaudemard © Nicolas Mignani


### 13.2. Rising stars
Mëttwoch, 20:00
**Anaïs Gaudemard** Harf
Um Programm Wierker vun Daquin, Debussy, Fauré, Hasselmans, Glinka, de La Presle, Pépin, Rameau, Renié, Smetana, Zabel

**Dëse Concert gëtt enregistréiert vum radio 100,7 an de 24.3.2019 diffuséiert.**



Anja Harteros © Marco Borggreve

### 15.2. Grands rendez-vous
Freideg, 20:00
**Orchestre Philharmonique du Luxembourg**
**Gustavo Gimeno** Direktioun | **Anja Harteros** Sopran
Webern: *Im Sommerwind* | Wagner: *Wesendonck-Lieder*
Franck: *Symphonie en ré mineur* (d-moll)
résonances



Thierry Escaich © Sébastien Erome

### 25.2. Autour de l'orgue
Méindeg, 20:00
**Thierry Escaich** Uergel
**Romain Leleu** Trompett
Um Programm Wierker vu Brandt, Elgar, Escaich, Franck, Glière, Parker, Purcell, Rachmaninov, Saint-Saëns, Satie

# RADIO 100,7 WOCHENIWWERBLÉCK FEBRUAR 2019

| 🕒 | MÉINDEG | DËNSCHDEG | MËTTWOCH | DONNESCHDEG | FREIDEG | 🕒 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **06:00 - 09:00** | **VIRUM DAG** | **VIRUM DAG** | **VIRUM DAG** | **VIRUM DAG** | **VIRUM DAG** | **06:00 - 09:00** |
| **06:00 + 06:30** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **06:00 + 06:30** |
| **06:20** | Aktuelles | Aktuelles | Aktuelles | Aktuelles | Aktuelles | **06:20** |
| **07:00** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **07:00** |
| **07:15** | Presserevue | Presserevue | Presserevue | Presserevue | Presserevue | **07:15** |
| **07:20** | Aktuelles | Europa Aktuell | Aktuelles | Europa Aktuell | Aktuelles | **07:20** |
| **07:30** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **07:30** |
| **07:32** | Invité vum Dag | Invité vum Dag | Invité vum Dag | Invité vum Dag | Invité vum Dag | **07:32** |
| **07:50** | Kultur | Kultur | Kultur | Kultur | Kultur | **07:50** |
| **08:00** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **08:00** |
| **08:15** | Presserevue (R) | Presserevue (R) | Presserevue (R) | Presserevue (R) | Presserevue (R) | **08:15** |
| **08:20** | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | **08:20** |
| **08:30** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **08:30** |
| **08:35** | Kultur | Kultur | Kultur | Kultur | Kultur | **08:35** |
| **08:50** | Chronik | Fräie Mikro | Chronik | Fräie Mikro | Chronik | **08:50** |
| **09:00** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **09:00** |
| **09:04 - 12:00** | **MOIES - MAGAZIN** | **MOIES - MAGAZIN** | **MOIES - MAGAZIN** | **MOIES - MAGAZIN** | **MOIES - MAGAZIN** | **09:04 - 12:00** |
| **09:20** | Aktuelles (R) | Europa Aktuell (R) | Aktuelles (R) | Europa Aktuell (R) | Aktuelles (R) | **09:20** |
| **09:40** | Ee Mount, een Thema: Hygiène a Propretéit | Prisma | D'Geschicht v. der Hygiène am Gesondheetswiesen | ZäithistorikerIn | Café Scientifique / Reen a Bou – Op Schratt an Tratt mam Wieder | **09:40** |
| **10:00** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **10:00** |
| **10:04** | Invité | Invité | Invité | Invité | Invité | **10:04** |
| **11:00** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **11:00** |
| **11:10** | Een Thema, ee Buch: Hygiène a Propretéit | Grouss Monarchien: Dynastien, déi Geschicht geschriwwen hunn | Komponist vum Mount: Karl Jenkins | Hanner de Kulissen | Klangbiller / 25 Joer radio 100,7: Grouss Perséinlechkeete vum 20. Joerhonnert / Feiertage | **11:10** |
| **11:30** | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | **11:30** |
| **12:00** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **12:00** |
| **12:12 - 13:30** | **IWWER MËTTEG** | **IWWER MËTTEG** | **IWWER MËTTEG** | **IWWER MËTTEG** | **IWWER MËTTEG** | **12:12 - 13:30** |
| **12:15** | Chronik (R) | Fräie Mikro (R) | Chronik (R) | Fräie Mikro (R) | Chronik (R) | **12:15** |
| **12:22** | Aktuelles | Aktuelles | Aktuelles | Aktuelles | Aktuelles | **12:22** |
| **12:30** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **12:30** |
| **12:35** | Kultur | Kultur | Kultur | Kultur | Kultur | **12:35** |
| **12:50** | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | **12:50** |
| **13:00** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **13:00** |
| **13:15** | Ee Mount, een Thema: Hygiène a Propretéit (R) | Prisma (R) | D'Geschicht vun der Hygiène am Gesondheetswiesen (R) | ZäithistorikerIn (R) | Café Scientifique / Reen a Bou – Op Schratt an Tratt mam Wieder (R) | **13:15** |
| **13:30** | **JAZZIN' AROUND** | **SOUNDTRACKS & CLASSICS** | **KEY TO CLASSICS** | **SEQUENZA** | **DÉJÀ VU** | **13:30** |
| **14:00** | **RESONANZEN** | **RESONANZEN** | **RESONANZEN** | **RESONANZEN** | **RESONANZEN** | **14:00** |
| **15:00 - 17:00** | **SPEKTRUM** | **SPEKTRUM** | **SPEKTRUM** | **SPEKTRUM** | **SPEKTRUM** | **15:00 - 17:00** |
| **16:00 + 17:00** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **16:00 + 17:00** |
| **17:07 - 18:30** | **ËNNERWEE** | **ËNNERWEE** | **ËNNERWEE** | **ËNNERWEE** | **ËNNERWEE** | **17:07 - 18:30** |
| **17:10** | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | Aktuelles (R) | **17:10** |
| **17:30** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **17:30** |
| **17:40** | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | Kultur (R) | **17:40** |
| **18:00** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **Panorama** | **18:00** |
| **18:15** | Haut um radio 100,7 | Haut um radio 100,7 | Haut um radio 100,7 | Haut um radio 100,7 | Haut um radio 100,7 | **18:15** |
| **18:30** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **18:30** |
| **18:34 - 19:30** | **TIME OUT** | **TIME OUT** | **TIME OUT** | **TIME OUT** | **TIME OUT** | **18:34 - 19:30** |
| **19:00** | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | Noriichten | **19:00** |
| **19:30** | **JAZZIN' AROUND** (R) | **SOUNDTRACKS & CLASSICS** (R) | **KEY TO CLASSICS** (R) | **SEQUENZA** (R) | **DÉJÀ VU** (R) | **19:30** |
| **20:00** | **BLUE NOTE** | **PAPPERLAPOP** | **SOIRÉE PHILHARMONIQUE** | **CONCERT EURORADIO** | **TRENDSCHEIF** | **20:00** |
| **21:00** | **JAZZ UNLIMITED** | **PATCHBAY** | SEL / OPL / OCL | Schwéierpunkt: Bréch mat Traditiounen an der Museksgeschicht | **METAL MELTDOWN** | **21:00** |
| **22:00** | **Panorama** (R) | **Panorama** (R) | **Panorama** (R) | **Panorama** (R) | **Panorama** (R) | **22:00** |
| **22:12** | **JAZZ, ROCK A GAARDEBOUNEN** | **JAZZ, ROCK A GAARDEBOUNEN** | **JAZZ, ROCK A GAARDEBOUNEN** | **JAZZ, ROCK A GAARDEBOUNEN** | **JAZZ, ROCK A GAARDEBOUNEN** | **22:12** |
| **23:00** | **NEW COTTON CLUB** (R) | **E-LODIE (R)** | **BLUE NOTE** (R) | **PAPPERLAPOP** (R) | **LINN 2** (R) | **23:00** |
| **00:00** | **NOTTURNO** | **NOTTURNO** | **NOTTURNO** | **NOTTURNO** | **NOTTURNO** | **00:00** |

# **Kultur** am Käldall


Di 03/02/2019

**Une soirée musicale à Vienne:**
Mozart, Beethoven & les compositeurs d'Europe Centrale
Concert avec Pierre Bouyer (piano forte) et Nicole Tamestit (violon)
*Eglise de Kayl,* 17h00



Ve 08/02/2019

**Love Letters**
mam Ensemble Den Theater.lu
*Schungfabrik,* 20h00




Je 28/02/2019

**„Märd alors!!!"**
Eng bësseg Chronik – 2018 änner d'satiresch Lupp geholl
Text: Jhemp Hoscheit
mam Jules Arpetti a Jhemp Hoscheit
*Schungfabrik,* 20h00




Ve 08/03/2019

**100 Joer Wahlrecht fir Fraen zu Lëtzebuerg**
Eng Konferenz vun der Historikerin Laura Caregari
Projection du film « Histoire(s) de femme(s) » d'Anne Schroeder
*Schungfabrik,* 19h30,
*Entrée libre*



Ve 26/04/2019

**Alles FÉIK ... oder wat ????**
mat de Makadammen
*Schungfabrik,* 20h00




Di 28/04/2019

**Concert avec l'ensemble « Camerata de luxe »**
Œuvres de Beethoven, Schubert, Dvořák et Richard Strauss
*Eglise de Kayl,* 17h00



Tickets: www.luxembourg-ticket.lu - www.ticket-regional.lu

KÄLTÉITENG

Nos partenaires:

Foyer Agence Serge Koullen, Kayl, Agence Pascale Meysembourg, Tétange
Raiffeisen
RTL
radio 100,7

Hôtel Restaurant Acacia Esch/Alzette, Peinture Gilbert Heuertz Tétange, Sudgaz

## RADIO 100,7 WOCHENIWWERBLÉCK FEBRUAR 2019

| | SAMSCHDEG | SONNDEG |
|---|---|---|
| 07:00 - 09:00 | **VIRUM DAG** | **NOTTURNO** |
| 07:00 | Noriichten | |
| 07:30 | Noriichten | **MUSICA SACRA** |
| 08:00 | **Panorama** | Noriichten |
| 08:04 | — | **EARLY BIRD** |
| 08:15 | Presserevue | |
| 08:20 | Nationale Wochespigel | |
| 08:30 | Noriichten | |
| 08:35 | Kultur | |
| 09:00 | **Panorama** | Noriichten |
| 09:04 | **MOIES - MAGAZIN** | **B-RADIO / HUMANITIES TALK / KONFERENZEN / MIXTAPE / VOIX D'AUTEURS** |
| 09:20 | Nationale Wochespigel (R) | |
| 09:40 | Ee Mount, een Thema: Hygiène a Propretéit / Post vum Christiane (23.2.) | |
| 10:00 | Noriichten | Noriichten |
| 10:04 | Invité | **KULTURMAGAZIN** |
| 11:00 | Noriichten | Noriichten |
| 11:04 | Grousse Kino | **RIICHT ERAUS** |
| 12:00 | **Panorama** | **Panorama** |
| 12:10 | **ESPRESSO BEATS** | — |
| 12:20 | | **Wierder op der Rees** |
| 12:30 | | **CLASSIC IN CONCERT** Käercher Schlassfrënn / SEL / OPL Apéro |
| 14:00 | | **MUSEK AM GESPRÉICH** |
| 15:00 | **TRENDSCHEIF** (R) | **NEW COTTON CLUB** |
| 16:00 | Noriichten | Noriichten |
| 16:04 - 18:00 | **ROCKULTUR** | **GROOVE CLUB** |
| 17:00 | Noriichten | Noriichten |
| 18:00 | **Panorama** | **Panorama** |
| 18:15 | **GENERATOR** | — |
| 18:20 | — | **Wierder op der Rees** (R) |
| 18:30 | **GENERATOR** | **RIICHT ERAUS** (R) |
| 19:30 | **AM SPIGEL** | **MUSEK AM GESPRÉICH** (R) |
| 20:00 | **LINN 2** | |
| 20:30 | — | **NEI MUSEK AM CONCERT** |
| 21:00 | **E-LODIE** | |
| 22:00 | **Panorama** (R) | **Panorama** (R) |
| 22:12 | **JAZZ, ROCK A GAARDEBOUNEN** | **SOIRÉE PHILHARMONIQUE** (R) SEL / OPL / OCL |
| 23:00 | **METAL MELTDOWN** (R) | |
| 00:00 / 00:10 - 07:00 | **NOTTURNO** | **NOTTURNO** |

(R): Rediffusioun

Programmännerunge si méiglech.



# 250 KLASSIK CONCERTEN

250

## AM JOER



radio 100,7 25 joer